

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. August 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Minister vun der öffentlecher Fonctioun weiderzeleeden.

Och a grad de rezente Policeasaz zu Ettelbréck mat déidleche Suitten huet gewisen, datt eist Land d'Policebeamten optimal ënnerstëtze muss. Iwwerdeems stellen sech och eng Rei Froen, wat d'Ëmstänn an d'Konsequenze vum genannte Policeasaz zu Ettelbréck ugeet.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wat d'Persoun, déi d'Policebeamte mat engem Messer ugegraff huet, ugeet:
 - Wéi eng Nationalitéit hat dës Persoun?
 - Wéi e legale Statutt hat dës Persoun an huet sech dës Persoun legal am Land opgehalen?
 - Hat dës Persoun de Statutt vun engem demandeur de protection internationale, respektiv, hat dës Persoun dëse Statutt ugefrot?
2. Wat de Policebeamten ugeet, deen de Messerugrëffer neutraliséiert huet:
 - Krut de Beamte fir déi kommend Enquête eng assistance juridique zougesot oder muss de Beamte selwer finanziell fir dës Prozedur opkommen?
 - Huet de Beamten - wann hien dat wëll - d'Méiglechkeet, eng psychologesch Betreiung an Usproch ze huelen, déi vun der Police garantéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten